Fédération des Universitaires
au Service de l'État
Enseignement
CGFP-Administration
488, route de Longwy
L-1940 Luxembourg

Lëtzebuerg, den 31. Määrz 2019


# Regulariséierung vum Candidat-professeur sursitaire a Revalorisatioun vun der Karriär E7

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

Wärend deene leschte Joren hu mir ëmmer erëm op déi **staark Benodeelegung** vun de Kolleginnen a Kollegen **Candidats-professeurs sursitaires** opmierksam gemaach an d'Regulariséierung vun hirer Situatioun gefuerdert.

D'Ofschafe vun der 80/80/90-Reegel an d'Erofsetze vun der Stagezäit op 2 Joer, bei gläichzäiteg staarkem Entschlake vum Inhalt a Reduzéierung vun der Unzuel un zertifikative Momenter, maachen d'**Situtatioun** vun deene ronn 600 Candidats-professeurs sursitaires **nach méi onerdréiglech**. Dës Agenten haten nämlech een däitlech méi beschwéierleche Parcours wéi déi kommend Stagiairen, ginn awer am Verglach zu dësen **extrem staark an hirer Karriär an hiren Aarbechtskonditioune benodeelegt**!

Ee Bléck op de Verlaf vun deenen entspriechende Musterkarriäre[1] weist, dass de Candidat-professeur sursitaire zu quasi all Zäitpunkt **vill manner verdéngt** wéi ee Professeur A1 gläicher Anciennetéit, obwuel dëse manner Hürden huet misste meeschteren. Selbstverständlech huet dëse Mannerverdéngscht vum Candidat-professeur och spéider een **negativen Afloss op** seng **Pensioun**suspréch. Donieft däerf een net vergiessen, dass de Professeur A1 an de Genoss vu **Koeffizienter** an **Altersdechargen** kënnt, wärend dem Candidat-professeur sursitaire näischt vu béidem zougestane gëtt.




[1] *Well et hei ëm d'**Verhältnis** tëscht deenen eenzele Karriären, an net ëm déi absolut Zuele goe soll, hu mir bei deenen zwou Achse bewosst op eng Skala verzicht.*

Aus där folgender **Vergläichstabell** geet ënnert anerem ervir, dass d'Professeurs A1 näischt musse leeschten, dat de Candidat-professeur sursitaire net och huet misste leeschten, éischter am Géigendeel:

| | Professeur E7 | Candidat-professeur E7 | Professeur A1 (Conditions prévues pour le nouveau stage) | Chargé A1 (Conditions prévues pour le nouveau stage) |
|---|---|---|---|---|
| ***Obligations*** | | | | |
| Tâche | 22 leçons | 22 leçons | 22 leçons | 22 leçons |
| Obligation d'étudier à l'étranger | ✓ | ✓ | × | × |
| Concours de recrutement | ✓ | ✓ | ✓ | × |
| Durée normale du stage | 2 ans | 2 ans | 2 ans | 2 ans |
| Mémoire pédagogique | ✓ | ✓ | × | × |
| Éléments certificatifs | + + + | + + + | + | + |
| Examen de fin de stage (Proba) | ✓ | ✓ | Réduit et assoupli[2] | Réduit et assoupli[2] |
| Travail de candidature | ✓ | × | × | × |
| ***Avantages*** | | | | |
| Coefficients | ✓ | × | ✓ | × |
| Décharges pour raisons d'âge | ✓ | × | ✓ | × |
| Âge min. au début de la carrière | 27,5 ans | Carrière non prévue par la loi | 26 ans | 26 ans |

Déi Responsabel am Educatiounsministère hunn eis zougeséchert, nach **bis zum Enn vun dësem Schouljoer** gemeinsam mat eis **eng Léisung** fir d'Situatioun vum Candidat-professeur sursitaire **ze fannen**. Well Adaptatiounen a punkto Karriär selbstverständlech net ouni d'Fonction publique kënnen duerchgefouert ginn, hat de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP Ufank Mäerz 2019 eng Reunioun mat Vertrieder vum Minister vun der Fonction publique. Mir waarden an dësem Kontext nach op den Datum fir eng eis schonn zougesoten, weider **Reunioun mam Minister Marc Hansen**.

Selbstverständlech hate mir och drop higewisen, dass den **Travail de candidature**, eng post-universitaire Rechercheaarbecht, déi d'Professeren E7 hu misste wärend mindestens 18 Méint am Optrag vum Héichschoulministère leeschten, aktuell **net méi valoriséiert gëtt**. Wärend déi nei Fonctionnairen am A1 direkt nom Stage hir Nominatioun als Professer kréien, hat sech de Karriärsufank vun de Professeren E7 duerch den Travail de candidature ëm mindestens 18 Méint verzögert. Ënnert dem Stréch gëtt de Professer E7 also **net belount, mee bestrooft fir eng zousätzlech Aarbecht**, déi hien huet misste fir de Staat leeschten. Dofir fuerdert de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP net nëmmen eng Reguläriséierung vun de Candidats-professeurs sursitaires, mee och eng **allgemeng Revalorisatioun vun der Karriär vum Professer E7!**

## Fir eng Regulariséierung vum Candidat-professeur sursitaire !
## Fir eng Revalorisatioun vun der Karriär E7 !

Mat beschte Gréiss,
De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP

[2] *Déi genee zukünfteg Modalitéite goufe bis ewell nach net vum MENJE matgedeelt.*